N°8075
Entrée le 03.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vum Familljen- an Integratiounsminister op d'parlamentaresch Fro n° 8075 vum Här Deputéierte Max Hengel iwwer de Kampf géint Stigmatisatioun an Diskriminatioun vun der LGBTIQ+ Communautéit.**

Diskriminatiounen opgrond vu sexueller Orientéierung an der Genderidentitéit sinn zu Lëtzebuerg verbueden, genau sou wéi all Akt vu Gewalt géigeniwwer LGBTIQ+ Persounen. Et ass deemno richteg a wichteg, esou Akten bei der Police ze mellen, fir dass si an dëse Fäll intervenéieren kann.

Generell, kënnen sech Affer vun Diskriminatioun zu Lëtzebuerg un den Centre pour l'égalité de traitement (CET) adresséieren, deen der Chambre des Députés ugegliddert ass. Dem CET seng Aufgab ass et, déi concernéiert Persounen ze beroden an ze orientéieren, an si iwwert hier perséinlech Rechter, d'Législatioun, d'Jurisprudence an d'Méiglechkeeten op hier Rechter ze pochen, ze informéieren.

De Familljeministère konventionéiert am Moment dräi Servicer fir LGBTIQ+ Persounen ze emfänken, ze ënnerstëtzen an ze stäerken. Dës Servicer sinn esou ausgeriicht, dass si sech ergänzen an als Netzwierk zesummeschaffen.

De Centre LGBTIQ+ Cigale bitt zënter 20 Joer sozial-pädagogesch Berodung a Form vu perséinleche Gespréicher un. Doriwwer raus, kënnen sech hei d'Persounen och informell an der "Reebou Stuff" treffen, oder un enger vun de sëllechen Aktivitéiten oder Gruppentreffen deelhuelen fir sech iwwert hir Erfahrungen auszetauschen.

De Familljen-Center bitt zousätzlech zu sengen aneren Aktivitéiten eng spezialiséiert psychologesch Berodung fir LGBTIQ+ Persounen un. De Familljen-Center huet sech schonn 2018 am Thema „Intergeschlechtlechkeet" spezialiséiert; 2020 gouf dës Offer fir all d'LGBTIQ+ Persounen erweidert.

De neiste Service ass de Reebou Center, deen zënter dem 17. Mee 2023 fënnef Deeg an der Woch seng Dieren an der Uewerstad ophuet fir LGBTIQ+ Persounen ze emfänken an hinnen eng sécher Plaz unzebidden ("safe space"). De Reebou Center bitt keng perséinlech Berodung un, mais leed d'Persounen un déi zoustänneg Ulafplazen weider wann dëst gebraucht gëtt.

Nieft hirer Homepage informéieren déi dräi Servicer an de soziale Medien iwwert hir Aktivitéiten an Offeren. Si bidden och Formatiounen iwwert d'Thematik LGBTIQ+ un, z. Bsp. an de Schoulen, am sozial-pädagogeschen Beräich an am professionelle Kontext. Esou leeschten si Präventiounsaarbecht géint Diskriminatiounen a maachen sech an engems als Ulafplaz bekannt.

Déi dräi Servicer huelen och regelméisseg un ëffentleche Veranstaltungen, Konferenzen an Table-Ronden deel, wéi zum Beispill der Luxembourg Pride an dem internationale Dag fir Reeboufamilljen.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2023

De Minister fir Famill an Integratioun

(s.) Max Hahn